ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister weiderzeleeden.

Schon am Mee dëses Joers war an der Press an alarmisteschen Téin iwwer Rëss an der Ofdeckung ze liesen, déi op der Deponie Fridhaff fonnt gi sinn. An deem Kader wollt ech der Madame Ëmweltminister dës Froe stellen:

1. Kann d'Madame Minister d'Rëssbildung op der Deponie Fridhaff confirméieren?
2. Sinn déi Rëss just op der Deponie oder gëtt et wéinst aner Rëss um Buedem vun der Deponie vläicht och eng Gefor fir d'Grondwaasser ?
3. Wéi breet sinn déi Rëss a wéi hu si sech zënter de Presseartikelen am Mee weiderentwéckelt?
4. Weess d'Madame Minister, wat d'Uursaach vun deene Rëss ass?
5. Si Gaser aus der Deponie un de Rëss gemooss ginn a, wa jo, a wéi enger Konzentratioun?
6. Wat huet d'Madame Minister an d'Weeër geleet, fir dës Problemer ze behiewen?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten